



Naturschoul Lasauvage Newsletter Februar 22

En Tour duerch d'Land – nei Versioun

An der Zäit huet d'Naturschoul fir de C4 zum Schluss vum Schouljoer ëmmer een Tour duerch d'Land proposéiert, wou mir dee ganzen Dag mam Bus duerch d'Land gefuer sinn an eis d'Landschaften ugekuckt hunn.

Dëst Joer wollte mer dës Offer optiméieren, andeems mir net méi dee ganzen Dag mam Bus duerch d'Land fueren, mee:

OP ENG BESTËMMTE PLAATZ HEI AM LAND FUEREN.....

z.B.

1. Eislek

- Martelange : Visitt vun de Schifergrouwen, de Leekollen
- Napoleons-Goart fir d'Hochfläche an eng Vue iwwert d'Gutland, di drëtthéchst Plaz vum Land op 554,3 Meter
- Eschduerf: den neien Haaptbehälter vum Drénkwaasser vun der SEBES
- Staumauer vun Esch-Sauer a Visitt vun der SEBES-Waasseropberedungsanlag

2. Möllerdall

- de Schiessentümpel
- Berdorf :Sentier didactique "Wanterbaach - Sieweschloeff"
- Iechternach : Séi a Basilika

3. Lëtzebuenger Sandsteen

- Carrière Feidt um Biergerkräiz
- Hesperange ze Fouss iwwert d Gantebeinsmillen bei Biissermillen

4. Ourdall

- SEO Turbinnen a Staumauer
- Neklosbiërg
- Kofferminn Stolzebuërg
- Veianen Buërg

5. Musel

- Haff Réimech
- Wéngerten
- Schengen

Déi Klassen, déi interesséiert sinn aus dem C4, kënnen eis matdeelen, wéi eng Regioun si maache wéillten. D'Natureschoul këmmert sech ëm déi ganz Organisatioun.

De Bus géing vum Budget „sorties pédagogique » vun der Klass iwverholl ginn. All aner Onkäschten (z.B. eng Entrée) géing d'Natureschoul iwverhuelen. Ideal ass et, wa sech zwou aus engem Gebai fir d'Visitt zesummendinn

Et sinn och ëmmer zwee Enseignante vun der Natureschoul op der Visitt derbäi.

All Cycle 4 wou dodrunner interesséiert ass, ka sech op

nature.lasauvage@ecole.lu

bei eis mellen.

Léif Gréiss aus der Natureschoul

Georges, Roby a Marc